MAISON DU GRAND-DUC

# Biografie vum Prënz Louis

---

De Prënz Louis gouf den 3. August 1986 an der Maternité Grande-Duchesse Charlotte zu Lëtzebuerg gebuer.

De Prënz Louis Xavier Marie Guillaume, Prënz vu Lëtzebuerg, Prënz vun Nassau a vu Bourbon-Parme, ass den drëtte Fils vum Grand-Duc an der Grande-Duchesse vu Lëtzebuerg.

Seng Bridder a Schwëstere sinn:

- de Prënz Guillaume, Ierfgroussherzog,
- de Prënz Félix,
- d'Prinzessin Alexandra
- de Prënz Sébastien.

Aus sengem éischte Bestietnis mam Tessy Antony huet hien zwee Jongen: de Prënz Gabriel Michael Louis Ronny, deen den 12 Mäerz 2006 zu Genf op d'Welt komm ass, an de Prënz Noah Etienne Guillaume Gabriel Matthias Xavier, deen den 21. September 2007 zu Lëtzebuerg gebuer ass.

De 6. Abrëll 2021 huet d'Maréchalat de la Cour d'Verlobung vum Prënz Louis mam Scarlett-Lauren Sirgue annoncéiert.

## Ausbildung a professionell Aktivitéiten

No der Primärschoul zu Luerenzweiler ass de Prënz Louis an *d'American School of Luxembourg* gaangen. Duerno goung hien an de Schwäizer *Collège Beau Soleil*, wou hien am Juni 2005 seng Première gemaach huet.

De Prënz Louis schwätzt fléissend lëtzebuergesch, franséisch, englesch an däitsch an hien huet ausserdeem gutt spuenesch Kenntnisser.

Wärend der Schoulzäit an der Schwäiz huet de Prënz Louis e grousst Intressi u sozialen an humanitären Themen entwéckelt, an hien huet u Missiounen zu Mumbai an Indien deelgeholl, déi vun enger ONG an Zesummenaarbecht mat senger Schoul proposéiert goufen. Bei där Geleeënheet huet de Prënz Kanner an Aarmevéirel Englesch-z, Mathematiks- a Sportcoursë ginn.

De Prënz Louis entscheet sech, sech weider am humanitäre Beräich z'engagéieren a mécht e Stage vun engem Joer beim Roude Kräiz zu Genf. Hie betreit ënner anerem Gruppe vu Kanner a begleet eeler Mënschen.

2007 schafft de Prënz Louis bei der *Administration des Biens de S.A.R. le Grand-Duc* am Beräich vun der Forstwirtschaft. 2008, huet hien sech op Coursen op der *Miami University Dolibois European Center* zu Lëtzebuerg ageschriwwen.

No zwee Joer Openthalt an Amerika, wärend deenen de Prënz eng Ausbildung am Beräich vun der Aeronautik mécht, woubäi hien och eng Privatpilotelizenz krut, decidéiert hien, an England studéieren ze goen.

2014 kritt de Prënz Louis en Diplom a Kommunikatiounswëssenschaften zu Richmond, der internationaler amerikanescher Universitéit zu London. 2015 mécht hien eng Formatioun bei der *European Landowners Organization*, déi sech fir eng nohalteg Férderung vu ländleche Regiounen an der Sensibiliséierung fir Ëmwelt- an Agrarfroen an Europa asetzt.

De Prënz Louis huet e Master a psychosoziale Studien vun der *Birbeck University* zu London. Duerch seng eegen Erfarungen an duerch Formatioune mam Béatrice Sauvegeot, enger unerkannter Expertin um Gebitt vun der Dyslexie, huet de Prënz Louis e grousst Versteesdemech fir des Problematik an ënnerstëtzt Mënsche mat Dyslexie. Beim *Forum international sur les troubles*

*d'apprentissage*, deen am Joer 2016 vun der Fondatioun vum Grand-Duc an der Grande-Duchesse organiséiert gouf, huet de Prënz Louis iwwer seng eegen Dyslexie geschwat.

De Prënz Louis huet och en Diplom als Mediateur vun der kathoulescher Universitéit vu Paräis an den internationale Certificat vum *Center for Effective Dispute Resolution* (CEDR). De Prënz huet als Beroder fir *Laurent Meeschaert Conseil* zu Paräis vun 2017-2019 geschafft an decidéiert dunn, sech selbststänneg ze maachen. Hien ënnerstëtzt Mënschen, hir Stäerkten a Schwächten z'erkennen an ze léieren, wéi se an hirem beruffflechen Ëmfeld am Beschte mat hirer Dyslexie ëmginn.

Parallel zu dësen Aktivitéiten huet de Prënz Louis am Summer 2020 mat dräi Associéen eng eege Mediatiounsfirma, SIBE Mediation, zu Paräis gegrënnt, déi d'Fachwësse vu Mediateure mam Fachwësse vu psychosozialen a juristeschen Experten verbënnt.

## Offiziell Aktivitéiten

Esou dacks säi Kalenner him et erlaabt, hëlt de Prënz Louis Deel u verschiddenen Aktivitéiten an Zeremonien, wéi Nationalfeierdag oder der Schlusspressessioun vun der traditioneller Oktav. Hien ass awer och bei de grousse Familljenevenementer dobäi, wéi bei de Feierlechkeeten zum honnertsten Trounjubiläum vun der Grande-Duchesse Charlotte am Joer 2019.

Bestrieft, d'Wäerter vum Sport z'ënnerstëtzen, huet de Prënz Louis den *Haut Patronage* vun der *Fédération luxembourgeoise de tennis de table* (2004), der *Fédération des arts martiaux* (2010) an zanter 2011, der *Fédération aéronautique luxembourgeoise* iwwerholl. An deem Kontext geet hie reegelméisseg op sportlech Manifestatioune wéi d'europäesch Meeschterschaft vum Dëschtennis am Joer 2017, de Kagami Biraki (Judo am

Joer 2019), d'Coupe Prince Louis am Karate oder d'europäescht Turnéier vun de Junioren am Fechten am Joer 2019.

Zanter 2004 dréit de Prënz Louis den Uerde vum Lion d'or vum Haus Nassau.

## Interessen a Fräizäit

Als aktiven a begeeschterte Sportler huet de Prënz Louis eng besonnesch Passioun fir de Biergsport (Schi, Snowboarden a Klammen), mee och fir Dëschtennis, Kampfsport, Fechten, Reiden, Sporttauchen an d'Juegd. Ausserdeem ass de Prënz e leidenschaftleche Pilot.

Fir de Prënz Louis ass d'Bildung vu senge Kanner grad esou eng Prioritéit wéi d'Vermëttele vu sozialen a Familljewäerter: de Respekt vis-à-vis vu sech selwer an de Matmënschen, de Wäert vun der Natur, d'Wichtegkeet, dat Schéint ze gesinn an e Gefill ze kréie fir d'Ëmwelt. De Prënz Louis genéisst déi Momenter mat senge Kanner, bei Strategiespiller oder wann hien hinne Schi oder aner Sportaarte bäibréngt.